## Deel 1

Léif Invitée, bienvenue à Schifflange, Wëllkomm op eiser Zeremonie zu Éieren vun Fraen a Männer, déi sech staark gemeet hunn fir Fridden, Fräiheet, Solidaritéit, Mënscherechter an Demokratie …

La démocratie, c'est le gouvernement du peuple, par le peuple, pour le peuple. (Abraham Lincoln)

La démocratie devrait assurer au plus faible les mêmes opportunités qu'au plus fort. (Mahadma Ghandi)

La démocratie, ce n'est pas la loi de la majorité, mais la protection de la minorité. (Albert Camus)

Dräi Citatiounen, déi ënnersträichen, datt den Asaz fir Fridden a Gerechtgekeet, fir Demokratie a Wuelstand, fir Solidaritéit a Mateneen … och Asaz ass fir Mënscherechter

- Wëllkomm Här Éierechamberpresident Jean Spautz,
- Wëllkomm dir Dammen an Hären Deputéierten,
- Dir Dammen an Hären vum Schëfflenger Schäffen- a Gemengerot,
- Geschätzte Vertrieder vun de Resistenzorganisatiounen,
- Léif Delegéiert vun de Gewerkschaften,
- Léif Frënn vum der Amicale a dem Musée vun de Schmelzaarbechter
- Léif Kolleginnen a Kollegen vun Ferro Forum
- Wäert Dammen an Hären vun Arcelor/Mittal
- Léif Vertrieder vum Syndicat d'Initiative

- Dir Dammen an Hären

D'Geschicht vun der Schëfflenger Gemeng ass ouni Zweiwel enk mat de Schicksalsjoeren vum Zweete Weltkrich verbonnen. Et handelt sech ëm eng däischter Zäit, déi mat vill Leed fir d'Schëfflenger Famillen verbonnen war, an duerch Deportatioun an d'Zwansgrekrutéierung gepräegt wor. …. Vill Tréinen a Blutt si gefloss.

Den 31. August ass a bleift dofir an der Geschicht vun eisem Land, eiser Heemecht a eben besonnesch vun eiser Gemeng e wichtigen, besënnlechen Datum. Et ass en Datum, deen eng Zäsur fir eng ganz Generatioun vu jonke Lëtzebuerger mat sech bruecht huet. … Merci fir Äer Präsenz …

Chers Invités

La Seconde Guerre mondiale apporta des journées sombres et tristes au Grand-Duché et à Schifflange. De nombreuses familles ont été touchées par ce destin cruel. Ainsi, il nous tient à cœur de ne pas oublier les héros et les victimes de cette guerre et de célébrer leur mémoire chaque année par la journée commémorative de la Grève générale en 1942.

La Grève générale représente un symbole fort de la résistance luxembourgeoise et ceci bien au-delà de l'industrie sidérurgique.

En ma qualité de bourgmestre de la Commune de Schifflange, je vous remercie énormément pour votre présence lors de cette journée commémorative très importante pour les citoyens schifflangeois et luxembourgeois.

Dir Dammen an Hären

D'Lëtzebuerger an domat och vill Schëfflenger hunn e grujelegen Calvaire erlieft.

E kuerze Bléck zréck: Enn August 1942 huet de Gauleiter Simon "Wehrpflicht" zu Lëtzebuerg proklaméiert.

Mat engem Streik op der Schëfflenger Schmelz hunn sech d'Aarbechter gewiert. Dëse „Generalstreik" vum 31. August 1942 ass zu engem wichtegen Punkt an der Geschicht vun eisem Land ginn. D'Resistenz géint den Nazismus koum aus ville Kreesser vum Land, aus alle Populatiounsschichten a Beruffsgruppen.

Dëse Streikopruff war den Nazien natierlech en Dar am A:

… den zivillen Ausnamezoustand gouf deklaréiert, d'Streikaktioun gouf am Keim ersteckt … an 21 Männer si kalbliddeg higeriicht ginn, … vill anerer, déi um Streik aktiv partizipéiert hunn, sinn vum Standgericht ofgeuerteelt, an a Prisonge oder a Kazetter verschleeft ginn.

Dat alles a nach vill aner Momenter, oft schrecklecher, verbanne mir mat der däitscher Occupatioun.

D'Proklamatioun vun der allgemenger "Wehrflicht" duerch d'Nazie sollt zu enger systematescher Indoktrinatioun vun der Lëtzebuerger Jugend féieren - betraff ware iwwer 13.800 Persounen, dovunner koum all Drëtten ëm d'Liewen oder gouf nom Krich als vermësst deklaréiert; dat sinn iwwer 2.800 onschëlleg Affer, net ze vergiessen déi bal 3.600

Fraen, déi agezu goufen a fir den "Reichsarbeitsdienst" am Asaz woren. 46 sinn verscheet.

D'Jongen, déi deemools agezu goufen, kënnen als reegelrecht "Kanounefudder" bezeechent ginn, well der 6.700 un d'Front geschéckt ginn, 2.850 sinn gefall.

Erënnert gëtt haut net nëmmen un d'Affer, natierlech och un déi bal 3.500 Jonker, déi sech verstoppt oder desertéiert hunn oder och geflücht sinn, fir net mussen an der verhaasster Nazi-Uniform ze kämpfen. Dës Refraktäre konnten nëmme mat Hëllef vu Familljen iwwer Jore verstoppt ginn, déi doduerch selwer an de Viséier vun de Nazie gerode sinn.

Haut gedenkt eis Gemeng dofir zu Recht - zesumme mat den Delegéierten vun den Krichsaffer- a Resistenzorganisatiounen, an villen Invités - op der Fräiheetsplaz dësen Victime, a seet Merci fir hire Courage; dëst allerdéngs och mam Feste Wëllen d'Erënnerung un dës prägend Evenementer waakreg ze halen.

Dat alles aus Respekt vis-à-vis vun eise Kriichsaffersektioun vun der LPPD an der Enrôlés de Force.

Mesdames et Messieurs

Le 10 mai 1940, le Luxembourg, État neutre depuis 1867, est occupé par l'armée allemande, la Wehrmacht'.

Dès à présent le Luxembourg est considéré comme territoire allemand et il est intégré dans le Troisième Reich. En août 1940, Gustav Simon a été nommé chef 'der Zivilverwaltung' à Luxembourg.

Le 30 août 1942 le 'Gauleiter' Gustav Simon lance un « appel général » et chaque Luxembourgeois, né entre 1920 et 1924 est enrôlé dans l'armée allemande. Des grèves commencent le 31 août 1942 d'abord au nord du pays et s'étendent jusqu'au sud, là où se trouvent les usines métallurgiques importantes pour le 'Reich.

Ce même jour, l'ouvrier Hans Adam de l'usine de Schifflange donne le signal de grève en activant la sirène à 18.00 heures et 600 ouvriers quittent l'usine.

La même nuit, l'état d'urgence est déclaré et une cour martiale est installée avec le droit de condamner à mort les accusés. Pour des raisons d'intimidation, la cour prononce 20 peines de mort avec exécution immédiate.

Le 9 septembre, l’état d’urgence et la cour martiale sont abolis. La 21e victime, l’Allemand Hans Adam, est condamnée le 10 septembre par une cour spéciale et décapité à Cologne.

Voilà e klénge Bléck an d’Geschicht: Den 31. August deemno een Datum mat Symbolik, een Dag vun grousser Trauer, vun batterer Erënnerung, allerdéngs och vum Opbroch an vun Hoffnung.

En Daag, deen net an de Vergiess dierf faalen. Dofir si mir als Gemeng beméit, och weiderhinn, zesumme mat aneren … dësen Dag héich ze halen.

D’Nimm vun Hans Adam a vum Eugène Biren, awer och vun Albert Wingert, Wenzel Profant, Raymond Arensdorff an Jean Doffing stinn mat villen aneren heroeschen Helden – oft onbekannt - als Symbol fir den Asaz fir a vun Fräiheet an fir an vun Onofhängegkeet.

Mir erënneren eis haut zu Recht – och wann et bal 80 Joer hirsinn – mat Dankbarkeet, mat Respekt an Unerkennung un déi, déi hiert Liewe verluer hunn, déi déportéiert, déi enroléiert, déi drangsaléiert, geschloen a gedemütegt goufen …

Et ginn natierlech nach weider Elementer, déi mat dëser däischterer Zäit vum Krich zesummenhänken a riskéieren aus der kollektiver Erënnerung ze verschwannen.

Hei sinn a bleiwe mir gefuerdert, … datt dat net geschitt; e.a. concernant d’Schicksal vun de Judden zu Lëtzebuerg an de Joeren 1940 bis 1945 ... wou mir d’lescht Joer mat de Stolpersténg en Zeeche gesat hunn … et ass allerdéngs net dat eenzegt, wat geschitt, mir bleiwen hei um Ball … zousätzlech Dokumentatioun mat wichtegen Témoignage an wäertvollen historeschen Analysen an Aspekter si geplangt … och eng Opwäertung vun eisen klengen a gréissere Monumenter uerschter Schëffleng steet um Ordre du Jour, hei schaffe mir zesumme mat dem Musée national de la Résistance

Et ass fir eis wichteg, och an Zukunft all Aspekter vum Zweete Weltkrich ze analyséieren oder ervirzehiewen a fir de Publique zougänglech ze maachen. Et geet drëm, datt un d’Schlësselmomenter vun der Besatzung an un den Terror vun deemools erënnert ginn, esou dass dës Evenementer sech net méi widderhuelen. Wa mir uechtert Welt blécken, da wësse mir awer och, datt nach vill Engagement fir Fridden a Fräiheet gefuerdert ass!

Merci fir d'Nolauschteren … a mam Bléck op de Streik vun 1942 ... e Gedanke vun engem éisträicheschen Kolleg aus Afghanistan, wou de Moment d'Awunner eng schrecklech Zäit erliewen!

Hien sot mir gëschter um Telefon ( ech zitéiere mäin Wiener Studienkolleg)

Jo et ass wierklech schlëmm, wat a mengem Heemechtsland geschitt.

Et ass alles ongewëss, … a vill Leed a Nout sinn ze bekloen.

Wien Fridde a Wuelstand wëll, muss fir de Fridde kämpfen an sech engagéieren fir Gereechtegkeet a Solidaritéit, all dat ass bei eis net einfach, fir de Moment onméiglech …

Hoffentlech brénge mir et fäerdeg Jo zu de Mënschen ze soen, egal wat hier Relioun, hire Status, hir Kultur, hir Hautfaarw ass … da klappt et!

Awer bei eis ass dat nach e wäite Wee …

## Deel 2

Dir Dammen an Hären, wäert Eieregäscht

Merci dem Michel Feinen fir dësen intressanten a liewegen Exposé, ... fir dës nodenklech Reflexiounen, ... fir den Appel sech mat Engagement fir eng friddlech Welt staark ze maachen an all Form vun Indifférence ofzeschwächen, ... wuel wëssend, datt ëmmer nees eng nuancéiert Vue op dat, wat leeft an ass, néideg a wesentlech ass.

Merci och de Leit vum Ferro Forum, déi versiichen de Patrimoine vun der Stolindustrie, vum Schmelzaarbechter am Respekt vun allen Aspekter vun der Geschicht oprecht ze halen a liewe wëlle ze lossen, woubäi d'Partnerschaft mat de Responsabelen aus dem Stolaarbechtermusée eng wesentlech Roll spillt.

Och d'Gemeng wëll an dësem Zesummespill weiderhinn eng wichteg Stäip iwwerhuelen.

Jo de Patrimoine vun eiser Eisen- a Stolindustrie ass méi ewéi d'Geschicht vun engem kapitalintensiven Industriebetribb … et ass vrum allem d'Liewen vun deenen, déi do geschafft hunn, … ënnert schwierege Konditiounen .. et ass d'Geschicht vun Eisen a Stol, … et ass awer och dat ronderëm .. ewéi déi rezent Entwécklungen an den der Stolindustrie mat den Héichiewen an den Elektrowierker, mat dem Ofbau vun Aarbechtsplazen, mat de wiertschaftlechen Parameter ... an eben de Jore vum Krich an domatter och vum Streik.

Wäert Invitée

Nächst Joer commémoréiere mir 80 Joer nom Generalstreik … hei wëlle mir zesumme mat den Resistenzorganisatiounen, mat de Kollegen vun der Amicale Schmelzaarbechter a mat Ferro Forum dowéint eng würdeg Festivitéit op d'Been stellen.

Et ass d'Joer vun Esch22, wou mir d'Chance hunn dem kulturellen Liewen, dem Mateneen an eiser Gesellschaft nei Impulse ze setzen an eise Bléck och op de Patrimoine vun der Eisen- a Stolindustrie ze schärfen.

De Ferro Forum, och dëst an Kooperatioun mat der Gemeng an besonnesch mat den Engagéierten aus dem Schmelzaarbechter-Musée, a mat villen aneren ass mat der Planung op volle Touren fir eng

wäertvoll, interessant, jo faarweg a substantiell Expo op d'Been ze stellen.

Ech sinn iwwerzeecht, datt et e Projet mat Succès a grousser Zoustëmmung gëtt. En tous cas konnte mir eis gëschter iwwerzeechen, an een éischten Androck an Abléck gewannen, datt hei eppes Substantielles organiséiert gëtt. Courage a Bonne Chance.  ... Och d'Geschicht an d'Evenementer ronderëm de Streik sollen dobäi hir Plaz hunn.

Chers invités

Nous ne devons jamais oublier le passé et toujours honorer ceux qui ont sacrifié leur vie dans la lutte pour la liberté et la démocratie.

Malheureusement, la haine et le racisme n'ont pas seulement marqué notre passé, mais ils sont toujours présents de nos jours. Dans le monde entier, les gens abusent de leur liberté d'expression et des réseaux sociaux pour propager la xénophobie et la haine. Cependant, ceux qui font entendre leur voix pour prôner la paix, la liberté et l'égalité devraient être plus forts et couvrir la voix des autres.

Dans ce contexte je cite un message de l'ancien Président des Etats-Unis Barack Obama: « nous devons fermement rejeter les discours prononcés par n'importe lequel de nos dirigeants, alimentant un climat de peur et de haine ou normalisant les sentiments racistes ».

Même s'il y a maintenant 79 ans que la Grève générale a eu lieu, l'idée fondamentale selon laquelle les gens doivent s'opposer pour protéger leurs droits et libertés est plus que jamais d'actualité et le restera toujours.

Dir Dammen an Hären

De Streik … de Wëllen sech fir eng besser Welt anzesetzen … de Wëllen e Signal ze setzen géint Ongereechtegkeet, géint poltesch Repressalien … de Wëllen sech ze wieren, sech ze opposéieren … de Wëllen  fir den Asaz vun enger méi humaner, méi gerechter Welt … dat a vill aner Punkte soen eis, datt den Dag … d'Commémoratioun vum Streik 1942 wichteg a noutwenneg ass a bleift ... och, wann aner Stëmmen a Meenungen dozou ginn

… jo et ass ëmmer nees a nach weiderhinn wichteg een Zeechen ze setzen an ze weisen …

- datt mir vigilant musse bleiwen vis-à-vis vun liberalistescher Gläichgültegkeet an alle Formen vun Intoleranz
- datt mir nie dierfen zoulossen, dass negativ Tendenzen eis Demokratie schwächen,
- datt de Gruef têschent Aarm a Räich ëmmer méi grouss gëtt
- datt mir net nokucken wëllen, wann d'Zesummeliewen vun enger Gesellschaft duerch Opportunimus oder duerch Ongläichheeten a Gefor geréit

Neen, mir hunn eng aner Missioun ... an dofir solle mir dësen Dag net aus eisem Calepin sträichen ... de Streikgedenkdag vun 1942 ass e Patrimoine, eng quasi Propriété culturelle et intellectuelle vu eiser Gemeng, vun eiser Schëfflenger Communautéit ... et ass d'Mémoire un déi, déi sech fir eng besser Welt agesat hunn, déi sech fir Fridden staark gemeet, déi hiert d'Liewen verluer hunn ... an et ass e Beispill vu Solidaritéit a vum Mateneen

... Et ass och ëmmer nees e kloert Bekenntnis an een Appel standhaft a konsequent géint all Form vun Intoleranz, Diskriminatioun, Repressioun a Gewalt virzegoen.

Leit, déi kee Krich erlieft hunn, allerdéngs wuel selwer Krich féieren oder provozéieren, wëssen net ,wat se alles un Elend an Nout suscistéieren. Des Citatioun vum fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt ass ouni Zweiwel direkt mat zwou Hänn ze ënnerschreiwen.

En plus ass dës Festivitéit en Appell ëmmer nees alles drun ze setzen, datt de grujelege Calvaire vum Krich net vergiess gëtt. An datt un déi erënnert gëtt, déi Schicksalszäit vum Krich erlieft hunn.

Dir Dammen an Hären

E puer grouss Feinde vum Fridden, déi an eis wunnen sinn falsch Ambitiounën, penibel Jalousie an den absoluten Drang zur Muecht, ongebremste Roserei an iwwerdriwwen Iwwerhieflechkeet. Awer och d'Violence an d'Intoleranz. Wa mir dës Feinde verdreiwen, dann dierfe mir Fridde genéissen. Eng Reflexioun vun italienesche Literat Franseco Petrarca

> Dat alles a nach vill méi sinn d'Appeller vun haut: Net vergiessen, wat geschitt ass, ... déi éieren, déi sech fir Fridden a Gerechtegkeet staark gemeet hunn, ... a sech virun Aa halen, datt Näischt op dëser Welt selbstverständlech ass, schonns guer de Fridden an Gerechtegkeet.

Merci fir Äer Präsenz. Merci fir Äeren Engagement fir Fridden a Gerechtegkeet. Merci ... bleift gesond.